

# SANDWEILER Aktuell

10-2022 19.10.2022

## Manifestatiounen

• De Samschden 5. November ab 18 Auer fënnt den **Héissenowend vum Dëschtennis DT71 Sandweiler** am Centre culturel statt. D'Umeldung ass bis den 30. Oktober méiglech iwwer Mail: dtsandweiler@gmail.com oder Tel.: 621 329 725 (Joé Risch).

• D'**Fête Internationale de l'Amitié** vum 6. November ass leider ofgesot.

• De **Photoclub Sandweiler** freet sech iech op de **Vernissage vun hirer Ausstellung** de Freiden 18. November um 19 Auer am Centre culturel zu Sandweiler ze invitéieren. Zu dëser Geleeënheet stinn d'Artiste Ried an Äntwert.

D'**Ausstellung** ass de Samschdeg 19. an de Sonndeg 20. November vun 10 bis 12 Auer a vu 14 bis 18 Auer op.

• De **Sandweiler Chrëschtmäertchen** fënnt dëst Joer de 9. an 10. Dezember statt, vun 17 bis 22 Auer. Weider Detailer kommen deemnächst no.

## Manifestations

• Samedi 5 novembre à partir de 18 heures, **le club de tennis de table DT71 Sandweiler** organise leur **«soirée jambonneau»** au centre culturel. Les inscriptions sont ouvertes jusqu'au 30 octobre par mail: dtsandweiler@gmail.com ou par tél.: 621 329 725 (Joé Risch).

• La **Fête Internationale de l'Amitié** du 6 novembre a malheureusement été annulée.

• Le **Photoclub Sandweiler** a le plaisir de vous inviter au **vernissage de son exposition** le vendredi 18 novembre à 19 heures au centre culturel de Sandweiler. Les auteurs seront présents et à votre disposition lors du vernissage.

L'exposition sera ouverte le samedi 19 et le dimanche 20 novembre de 10 à 12 heures et de 14 à 18 heures.

• L'édition 2022 du **Marché de Nöel de Sandweiler** aura lieu le 9 et 10 décembre de 17 à 22 heures. Plus de détails suivront prochainement.

## Chantier rue Lentz / rue Welter Ufank November

De Reaménagement vun der rue Lentz a vun der rue Welter ass fir Ufanks November geplangt. De genauen Oflaf gëtt kommunizéiert soubal den Datum bekannt ass.

## Chantier rue Lentz / rue Welter Début novembre

Le réaménagement de la rue Lentz et de la rue Welter est prévu pour début novembre. Le détail du déroulement sera communiqué dès que la date sera connue.

Chantier rond-point
Sandweiler-Ouest
du 21 au 24 octobre

GEMENG SANDWEILER
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Chantier Sandweiler Rondpoint
### vum 21. Oktober 20:00 bis de 24. Oktober 6:00

Ponts et Chaussées huet am Kontext vun der nächster Phas vum Reaménagement vum Sandweiler Rondpoint verschidde Stroossespärungen annoncéiert:

- De Rondpoint Sandweiler-West a seng Zougäng gi gespaart;
- De Contournement (N2) tëscht dem Rondpoint Sandweiler-West an dem Rondpoint Sandweiler-Ost gëtt gespaart;
- Den Trafic dee vum Rondpoint Iergäertchen kënnt, gëtt iwwer de Val du Scheid (amerikanesche Kierfecht) Richtung Conter/Mutfort/Éiter weidergeleet;
- Um CR159 Richtung Itzeg verleeft den Trafic eespuereg;
- Vu Conter aus ass Sandweiler zougänglech wann een op der "Kräizung Schaedhaff" rechts an d'Itzeger Strooss fiert;
- D'Geschäfter um Enn vun der rue de Luxembourg (CR185) bis op d'Cargolux-Entrée bleiwen iwwer d'rue Principale zougänglech.

Et ass eis bewosst dass dëse Chantier e groussen Impakt op de Verkéier wäert hunn a mir entschëllegen eis fir all Onbequeemlechkeet déi doduerch verursaacht ginn. Zousätzlech Informatioune fannt dir op www.pch.gouvernement.lu.

## Chantier rond-point Sandweiler
### du 21 octobre 20h00 au 24 octobre 6h00

L'Administration des ponts et chaussées annonce la mise en place de plusieurs barrages suite à la prochaine phase du réaménagement du rond-point Sandweiler :

- Le rond-point Sandweiler-Ouest et ses accès seront barrés ;
- Le contournement (N2) entre le rond-point Sandweiler-Ouest et le rond-point Sandweiler-Est sera barré ;
- Il y aura une déviation du trafic en provenance du rond-point Irrgärtchen vers Contern/Moutfort/Oetrange en passant par le Val du Scheid (cimetière américain) ;
- Le trafic sera en sens unique sur le CR159 en direction d'Itzig ;
- Sandweiler sera accessible au trafic en provenance de Contern en tournant à droite au "croisement Schaedhaff" ;
- Les commerces au bout de la rue de Luxembourg (CR185) jusqu'à l'entrée Cargolux resteront accessibles via la rue Principale.

Nous sommes conscients de l'impact important de ce chantier sur le trafic et nous nous excusons des désagréments que cela peut vous poser. Pour plus d'informations veuillez consulter le site www.pch.gouvernement.lu.

